



Lëtzebuerg, de 10. Februar 2024

Cotisatioun 2024 an Är Avantagen per Email

***Léif Frënn vum natur musée
Chers Amis du Muséenational d'histoire naturelle***

Dir ënnerstëtzt eis als Vereenegung scho laang andeems Dir reegelméisseg Äre Joresbäitrag bezuelt; och dëst Joer erëm.

Är Joresbäitrag an Är Donen erlaben eis de natur musée z'ënnerstëtze wann en Hëllef brauch, mee awer och vill flott an interessant Aktivitéiten, Ausflich, Visitten fir Iech am In-an Ausland z'organisieren.

Leider krut Dir a leschter Zäit nach just Invitatiounen fir eis järelech Assemblée Générale a fir d'Vernissagë vun de Musées-Ausstellungen. Dat well virun 2 Joer schonn decidéiert gi wor, dass mir d'Invitatiounen fir déi Aktivitéiten déi mir monatlech fir Iech organisieren, nach just per Email verschécken. Den Opwand fir all Mount Invitatiounen u 500 Leit ze verschécken, fir Aktivitéiten un deene just 25-30 Leit deelhuefen, ass einfach ze grous.

Mir erlaben eis soumat nach eng Kéier, falls Dir un eisen Aktivitéiteninteresséiert sidd an net just eis an de Musée wëllt materiell a mat Ärem Numm ënnerstëtzen, eis Är Email-Adresse matzedeelen. Mir verspriechen Iech Är Adressen u keng Drëttleit weider ze ginn.

Eis nei Email-Adresse ass: info@amnhn.lu

Wann net, soe mir Iech heimat just häerzlech Merci fir Är reegelméisseg Ënnerstëtzung.

Mat beschte Gréiss vum ganze Comité

Geneviève Faber, Sekretärin

Zukünfteg Aktivitéiten:

- 27. Februar: Konferenz iwwert d'Vullekollektioun vum natur musée mam Biolog Claude Heidt
- 12. Mäerz: Assemblée générale an aktueller Virtrag vum Paleontolog Ben Thuy iwwert de Pliosaurier vum Musée + Assemblée générale extraordinaire wéinst der Upassung vun de Statute vun der a.s.b.l. un dat neit Gesetz
- Enn Mäerz : Zweet Assemblée générale extraordinaire
- 13. a 14. Abrëll : 2-Dages Excursioun op Bréssel an op Haalerbos